Depot : Alexandra Schoos

**Groupe parlementaire**

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2024

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Pediatrie am Centre hospitalier du Nord sech an enger ganz prekärer Situatioun befënnt;
- mir méi Pediateren zu Lëtzebuerg hunn am Verglach zur Groussregioun;
- déi eenzeg 24/7-Pediatrie d'Kannerklinik vum CHL ass;

ass sech bewosst, datt

- déi medezinesch Versuergung fir all Kand am Land zäitno muss kënnen assuréiert ginn, an dat 24 Stonnen am Dag, 7 Deeg an der Woch:

fuerdert d'Regierung op,

- derfir ze suergen, datt eng vollwäerteg zweet Pediatrie am Centre hospitalier du Nord entsteet, déi 24/7 funktionéiert.